CSV Dippech



Märerz 2008

Betten •
Dippech •
Sprénkeng •
Schuller •

# Op de Punkt

Kontakt- an Informatiounsblad vun der Chrëschtlech Sozialer Vollekspartei

# Zwee Joer LSAP-DP-Majoritéit aus der Siicht vun der CSV



**De Comité vun der CSV-Sektioun Dippech. V.l.n.r. Benoît THEISEN, Armand KARIGER, Carlo NEU, Monique GENTILINI, André WEIS, Jean-Paul RISCHARD, Gilbert SONDAG; Elvire GILLES, Alphonse DOMINICY, Claude BOSSELER, Hubert VAN WISSEN, Fenny MARX, Jacques PELTIER, Erny WESQUET, op der Photo feelen: Alain MAUSEN an Léonie WEIRIG**

Déi nei Majoritéit, virun allem deen neie Schäfferot schéngt jo ganz vu senger Aarbecht iwwerzeegt ze sinn, wéi soss ass et z'erklären datt si schreiwen: „De Schäfferot ass houfreg op déi vill mat Erfolleg geleeschten Aarbecht vum vergaangene Joer". Tjo, wa soss keen ee lueft, da muss een et alt selwer maachen.

D'CSV jiddefalls deelt déi Meenung net. No de leschte Gemengewahlen ass an eiser Gemeng net vill geschitt wat net schonn vun der virechter Majoritéit ugekuerbelt gi war. An dat Wéinegt wat geschitt ass, ass och nach gréisstendeels dernieft gaangen! Sou z.B. sinn déi nei **Verkéiersluuchten zu Schuller**, wou si esou houfreg drop sinn, ouni Genehmegung opgestallt ginn. Eréischt wéi mir si gefrot hunn ween d'Verantwortung am Fall vun engem Akzident géng iwwerhuelen, si se direkt ausgeschalt ginn. Et war also net „provisoirement pour essai" wéi si de Leit dat wëlle gleewen doen!

Och huet d'LSAP-DP-Majoritéit een ze deieren Terrain op der Wäistrooss fir d'Kaz kaf, fir ee **Pompjeesbau an ee Gemengenatelier** ze bauen, obschonns mir als CSV si drop opmierksam gemaach hunn, datt den aktuelle Projet vun der Ëmgehungsstrooss vun der Barrière iwwert dësen Terrain läft.

Déi **nei Bulletinen**, déi de Schäfferot eraus gëtt fir sech selwer an Evidenz ze setzen (a vill Bemierkungen vun der Oppositioun „vergiessen" oder an de falsche Contexte setzen), gesinn zwar schéin aus, mä et besteet awer kee Rapport tëschent de Méikäschten an dem Notzen. Et gëtt eis Gemeng ronn fënnefmol esou deier wéi déi al (ëm 30.000 € pro Joer).

Och huet d'Majoritéit sech eng **Architektin** fir zwéin Deeg an der Woch geleescht mat dem Argument, datt si se brauchen fir de PAG z'ëntwéckelen, deen awer vun engem Ingenieursbüro ausgeschafft gëtt. Déi Käschten hätt eis Gemeng sech alt neess kënne spueren!

Och déi vill **deier Etuden**, déi d'LSAP an d'DP maache loossen, kaschten eis Gemeng ee Verméigen, do kéint ee vill Sue spueren, wann een e wéineg Zäit géng investéieren op deem Posten, fir deen ee sech gemellt huet, a seng eege gro Zellen mol ging e bësse schaffe loossen.

Do geet et net duer fir op der **falscher Plaz ze spueren** (z.B.: beim **Scoutschalet, Gasnetz**,...), mä villméi onnéideg Käschten ze vermeiden.

Och froe mir eis firwat datt just de Schäfferot eng **Psychologin** ugestallt huet fir sech ausgerechent ëm eist Gemengepersonal ze bekëmmeren.
Mir hu laang mat hinne gutt zësummegeschafft an dofir wësse mir datt och dës Ausgab onnëtz war. Schlëmmer nach, si huet schonn am Optrag vum Schäfferot fir eis Gemeng geschafft éier e Budget genehmegt war fir si ze bezuelen!

Op alle Fall schéngt et wéi wann déi nei Majoritéit méi beschäftegt wier fir **ënnert sech ze streiden** wéi fir am Intérêt vun der Gemeng ze schaffen. D'Démissioun an d'Aussoën an hierem „Roude Punkt" vun deem an der Tëschenzäit ersaten zweete Schäffen beweisen dat. Och kënne mir eis net virstellen, datt d'Entente mat deem neien zweete LSAP-Schäffen, dee virdrun bei der 1. Schäffin an der DP war, besser gëtt.

Fir eng **Apdikt** an eis Gemeng ze kréien huet de läschte Gemengerot 2 mol eng Ufro gemaach, datt mir elo eng kréien ass also net de Verdéngscht vun der neier Majoritéit.

Fir datt endlech den **Ausbau vum Gasnetz** weidergedriwwe gëtt huet d'CSV mussen 2 Joer streiden fir déi néideg Suen an de Budget ze kréien, well déi nei Majoritéit och hei wollt spueren. Elo sinn endlech d'Sue virgesinn, mir bleiwen och hannendrun, datt d'Gasnetz séier a komplett ausgebaut gëtt.

Op der enger Säit gëtt geknéckt an op der aner Säit **fléien d'Suën zur Fënster eraus**. Net ze verstoe sinn déi Käschten déi fir Blummen (z.B. Mozartsconcert iwwer 1000 €), Décoratiounen, deier faarweg Invitatiounen,
riesegrouss Affichen oder Menüen ausgi ginn.

Bei der neier Schoul, déi soll op dem 2,2 ha groussen Terrain hannert der Gemeng gebaut ginn, ass et laut hinnen net méiglech fir ee Busquai ze bauen, deen ausschliesslech fir Busse reservéiert ass, wat d'CSV fir d'Sécherheet vun eise Schoulkanner awer als absolute Muss gesäit!

An der Schäfferotserklärung gouf eng **transparent a fair Politik** annoncéiert. D'Praxis gesäit awer anescht aus, sou gëtt am Gemengerot iwwert eng Konventioun ofgestëmmt, wou d'Oppositioun, a mat hinnen d'Awunner aus eiser Gemeng, absichtlech komplett hannert d'Liicht gefouert gëtt.

Well bis elo nach näischt geschitt ass huet d'Majoritéit an der **Panik** 5 Projetën vun 500.000 €, 1 vun 350.000 € an 1 vun 100.000 € an de Budget gesat, ouni dass bis elo dem Gemengerot och nëmmen een eenzegen Avant-Projet sommaire virläit. Dëse Budget ze stëmmen, dat wir e „chèque en blanc".

Wéi Dir gesitt, fält eise **Bilan iwwert d'Aarbecht vun der Majoritéit** net esou aus wéi déi Zensur, déi si sech selwer op Gemengekäschten austellt. Mir als CSV ginn och weiderhin net midd d'Majoritéit op hir Feeler hinzeweisen an hinnen ze soen, wéi een et kéint besser maachen.

## FRÉIJOERSFEST
## zu Dippech am Centre Culturel den 30. Mäerz 2008

**Apéritif** vun 11 Auer un

CSV Dippech

# Les vues du PCS sur le bilan des deux années de majorité LSAP-DP

La nouvelle majorité, mais avant tout le nouveau collège échevinal semble satisfait du travail réalisé. En effet il écrit: « Le collège échevinal est fier du travail réalisé avec succès pendant l'année écoulée » Et bien oui ! A défaut d'être félicité par autrui, on le fait soi-même.

Le PCS ne partage pas du tout cette opinion. La nouvelle majorité n'a pas réalisé grand chose depuis les dernières élections, à part de terminer les projets entamés par la majorité précédente. Les quelques initiatives prises se sont soldées pour une bonne part par des échecs. Ainsi p. ex., les nouveaux **feux rouges à Schouweiler**, qui constituent toute la fierté de la nouvelle majorité, avaient été installés sans autorisation. C'est suite à une intervention du PCS que la majorité s'est rendue compte des conséquences graves qui pourraient en résulter en ce qui concerne la responsabilité de la commune en cas d'accident. Ce n'était donc pas «*provisoirement pour essai*» que les feux avaient été mis en service, comme ils ont tenté de le faire croire dans une circulaire aux habitants!

La commune, par un vote de la majorité contre l'opposition, a acquis un terrain bien trop cher sur la route des 3 Cantons pour y ériger une **caserne pour pompiers ainsi que des ateliers communaux** et cela malgré que le PCS avait informé la majorité que le projet actuel de contournement routier à réaliser dans le cadre de la suppression du passage à niveau de Dippach-Gare allait passer sur ce terrain. Ce terrain est donc non constructible et l'acquisition a été réalisée pour rien!

Le nouveau **bulletin communal** publié par le collège échevinal pour se mettre en évidence, où les remarques de l'opposition sont «oubliées» ou placées dans un contexte inapproprié bénéficie d'une belle apparence, mais le PCS ne voit aucun rapport entre l'augmentation du coût et l'utilité. Ce bulletin coûte environ 5 fois plus cher que celui publié par le collège échevinal précédent, soit environ 30.000 € par an.

Sur décision de la majorité, un **architecte** a été engagé à raison de 2 journées par semaine et avec l'argument que ce serait nécessaire pour l'établissement du PAG. Or, tel n'est pas le cas, car le PAG est dressé par un bureau d'Ingénieurs. Encore de l'argent qui aurait pu être économisé !

Les élus de la majorité dépensent toute une fortune pour établir **des études bien onéreuses** qu'ils auraient pu économiser en y investissant un peu de leur temps et de leur savoir-faire.

Il ne s'agit pas de faire des **économies aux mauvais endroits** (p.ex. **chalet pour scouts, réseau à gaz**, …), mais d'éviter les coûts inutiles.

L'engagement d'une **psychologue** par le collège échevinal pour encadrer le personnel communal étonne le PCS. Nous avons travaillé durant de longues années avec le personnel communal et nous savons à quel point cette dépense conséquente est inutile. Pire, l'engagement de cette psychologue a été effectué sans que des moyens budgétaires soient autorisés par le conseil communal en temps utile.

**En tout cas, il semble que la nouvelle majorité soit d'avantage occupée avec ses querelles internes que de travailler dans l'intérêt de la commune et des citoyens.** La démission du deuxième échevin remplacé depuis lors et ses citations afférentes le démontrent. Ainsi, nous ne pouvons pas nous imaginer qu'il y ait une amélioration de l'entente entre le premier échevin (DP) et le nouveau deuxième échevin (POSL) qui ne s'entendaient même pas lorsqu'ils étaient ensembles au DP.

Le conseil communal précédent a introduit à 2 reprises une demande pour obtenir une **pharmacie** sur le territoire communal. L'installation d'un pharmacien chez nous n'est donc pas le mérite de la nouvelle majorité.

Le PCS a revendiqué depuis 2 ans la mise à disposition des fonds budgétaires nécessaires à l'extension conséquente du réseau de distribution du **gaz naturel** qui avait été arrêté par la nouvelle majorité. Nous ne manquerons pas de veiller à l'extension rapide et complète du réseau.

D'un côté la majorité essaye de faire des économies et de l'autre côté le collège échevinal **jette l'argent par les fenêtres**. Des sommes énormes sont dépensées pour des fleurs (p.ex. plus de 1000 € lors du concert en l'honneur de Mozart), des décorations somptueuses, des invitations et menus aux layout exclusifs et multicolores, des affiches surdimensionnées …

Lors des discussions sur l'aménagement du terrain de 2,2 ha sur lequel les nouveaux bâtiments scolaires devront être construits, il ne sera pas possible selon le collège échevinal d'y construire un **quai pour autobus** réservé strictement aux bus scolaires, ce qui nous semble une nécessité absolue pour la sécurité de nos élèves.

Dans la déclaration du collège échevinal, une **politique loyale et honnête** nous avait été annoncée. Cette promesse n'est pas tenue ! Ainsi par exemple une convention avec un particulier a été approuvée par la majorité en trompant délibérément les élus de l'opposition et avec eux l'ensemble de la population de notre commune.

C'est sous la pression de la **panique** due à l'inaction depuis qu'ils sont au pouvoir, que la majorité a inscrit 5 projets d'envergure dotés de 500 000 € chacun au budget 2008 ainsi que 1 projet doté de 350 000 € et 1 projet doté de 100 000 €. A ce jour, pas un seul avant-projet sommaire n'a été présenté au conseil communal concernant tous ces projets. Voter pour le budget dans ces conditions serait délivrer un chèque en blanc à la majorité !

Il est évident que notre **bilan du travail effectué par la majorité**, n'est pas, et de loin, à la hauteur de l'évaluation que cette majorité essaye de présenter aux citoyens dans le bulletin communal et donc aux frais de l'administration communale. Le CSV continuera à dénoncer les erreurs de la majorité et à proposer une politique cohérente.

## D'CSV-Vertrieder
### am Gemengerot



**Claude BOSSELER**
Sprénkeng



**Armand KARIGER**
Dippech



**Carlo NEU**
Schuller



**Jean-Paul RISCHARD**
Dippech



**Benoît THEISEN**
Dippech




**D'Dippecher CSV-Sektioun op Visite vum Europaparlament zu Stroossbuerg, wou si vum Europadeputéierten Jean Spautz empfaange gouf.**